Sommedieue bei Verdun den Joresofschloss

Haut, Samschdes den 10. Dezember 2011, haten d´Memberen vum Flyfishing Club Lëtzebuerg sech zu Sommedieue bei Verdun getraff fir éng leschten Kéier am Joër zesummen ze fëschen. Et woren éng gudd Dozen Memberen déi op Sommedieue gefour woren fir bei guddem Wieder d´Joër ausklengen ze loossen. Sommedieue ass bei villen lëtzebuerger Méckenfëscher beléiwt ewell een hei Alles virfënd wat eis Passioun esou onvergläichlech mécht, éng intakt Natur, wonnerschéin Fësch an virun allem vill Rouh ewell dësen Site nëmmen den Méckenfëscher virbehalen ass an zeguer d´Unzuel vun den Fëscher limitéiert ass déi am Dag hei dierfen fëschen. Zwar sin d´Regelen op dëser Plaz zimlech streng mée dat mécht awer objidverfall Sënn ewell annersäits d´Qualitéit vum Site net ze garantéieren wär. Ewei mir unkomm woren sin mir fir d´éischt eemol beim Gérant vum Site, dem Bruno, virstelleg gin fir bei énger gudder Taas Kaffi deen leschten Beschass auszetauschen an dodernieft dem Bruno ee bëssen den Wuurm ze zéien fir gewuer ze gin ewou den Ament déi beschten Plazen sin an wat fir Mécken fängeg sin. An der Lodge kann een awer och dat Material kaafen dat een ewei ëmmer Doheem vergiess huet an unschléissend un den Site befënd sech am Ausgang zeguer dem Sebastien säin Geschäft "Cast Again" ewou een wirklech Alles fënd fir mat der Méck ze fëschen, dodernieft bit den Sebastien awer och zousätzlech Worfkuuren fir Unfänger an Fortgeschrattener un. Mée dat Bescht zu Sommedieue sin awer, niewend der bemierkenswäerter Waasserqualitéit, déi vill déck fett Forellen déi een hei fänken kann.



Mir woren also ungetrueden fir d´Joër ausklengen ze loossen, hat et den Dag virdrun nach ewei mat Eemeren geschott wor natirlech, ewei schon dat ganzt Joër iwwer, bei onserer Sortie d´Sonn um Rendez – vous. Et woren och ganz agreabel Temperaturen fir am Dezember an den Wand huet och net geblosen. d´Fësch hun sech net laang fléiwen geloos an esou stung éngem gelongen Fëscherdag näischt am Weë. Et huet net laang gedauert dun huet den Mich schon kreesch gedoën "komm eemol kucken wat fir een Béischt ech hei gefaangen hun", den Dan hat do schon méi Startprobleemer, Hien huet fir d´éischt eemol missen éng selleschen Wurelen aus sénger Schnouer erausmaachen an ewei Hien dun endlech un wor huet Hien sech d´Fanger bludesch gefëscht. Den Jeek, deen aalen Lusser, huet natirlech direkt erëm iwwerdriwwen ech méngen Hien huet dat nëmmen gemeet fir op den Film ze kommen. Den Erni huet d Fësch gestëppelt, dat ass Him séng eegen Technik fir net brauchen d´ Fësch an d´Hänn ze huelen wann Hien se las mécht, dat ass een besonnesch schounenden Ëmgang mam Fësch deen awer vill Geschëck verlaangt ewell nach lang net Jiddvereen dat fäerdeg bréngt. Mée den Erny ass esouwisou ee bëssen méi exigent an deenen Saachen ewell Hien och een Verfeschter vun der Nymphe a vue ass ewoubäi et sech ëm éng Method handelt ewou een fir d´éischt eemol den Fësch ausfëndeg maachen muss an duerno séng kléng Nymphe esou präsentéieren soll ewei wann se ganz natiirlech an d´Waasser gefall wär, an dat kann den Erny wirklech excellent.

Een anneren ganz goussen Spezialist ass den Uusch, Hien ass drop spezialiséiert mat der drechener Méck ze fëschen an bréngt et fäerdeg zu jidver Joreszäit mat dëser Art a Weis séng Fësch ze fänken. Den Henk bréngt, wann ëmmer et méiglech ass, säin treien Fëscherfrënd (een wonnerschéinen Schäferhond) mat, dëst erlaabt et Him dann och ëmmer an Rouh ze fëschen ewell bestëmmt keen op d´Iddi kéim Him beim fëschen ze noh ze kommen. d´Famill Muno wor och erëm vollzäehleg ungetrueden an ech hun mir soën geloos et wär net deen Jéngsten gewiecht deen déi mansten Fësch gefaangen hät.....an zu gudder Lescht woren jo och nach déi dräi Äishelleg aus Esch dobäi, och Sie sin ee bëssen speziell, den Jemp kann ganz besonnesch gudd iessen an drenken, den Jang kritt ëmmer Kilometergeld an den Luss geet den Leit méi mat séngem Fotoapparat op den Geescht ewei dass Hien fëscht, awer och Sie gehéieren zum harden Kär an bréngen et zeguer fäerdeg hei an do Fësch ze fänken wat bei dëser Sortie zeemols op den Jang zoutrëfft. den Luss konnt net vill Fësch fänken ewell Hien dauernd huet míssen Fotoën vum Jang maachen.

Honger oder Duuscht huet och keen leiden míssen ewell wann mir op Sommedieue fueren heescht et mat allen Sënnen genéissen. Den Bruno probéiert och kulinaresch sech ee bëssen vun anneren Siten ofzehiewen, dëst ass mat Sécherheet net jiddveréngem säin Gout ewell mär Méckenfëscher schon eemol gären no déier viller Aarbecht éng kräfteg Stäerkung

benéidegen, mée zum Iessen gehéiert jo awer och drenken an Duuscht huet bestëmmt nach keen beim Bruno gelidden zeemols ewou et dach zu Sommedieue an der Haaptsaach ëm deen idyleschen Site an déi besonnesch schéin Fësch geet.

Et wor objiddverfall an méngen Aaën ee besonnescht schéint Joër, mir woren esou richtég verwinnt gin mam Wieder, Jidvereen huet am Laaf vum Joër vill Fësch gefaangen och d´Bannowender hun éng bedäitend Opwäertung mat den Reimlechkeeten beim Cindy an beim Andy fond ewou mir all Freiden op een Neis verwinnt gin, esou soll et weider goën an esou freën mir eis elo schon op dat nächst Joër.